



**Äntwert vum Här Henri KOX, Minister fir bannezeg Sécherheet, op d'parlamentaresch Fro n° 6469 vum 11. Juli 2022 vum honorabelen Deputéierten Léon GLODEN iwwert "Cannabidiol-Produit'en (CBD) "**

**Ad Fro 1 - Kann den Här Minister meng Informatiounen confirméieren? Wa jo - firwat huet d'Police keng sou eng Tester zur Verfügung gestallt?**

Et ginn aktuell keng Tester déi et erméigleche fir den THC-Gehalt ze determinéieren. Dat wat et scho gëtt, dat sinn Tester déi uweisen op ee Produit méi oder manner wei 0,3% THC enthält oder net. D' Douane huet esou en Produit séit kuerzem eréischt an der Test-Phase an dofir ass et nach ze fréi fir kënnen ze soen op déi Tester och fiabel sinn. Fir de Moment sinn dës Tester eréischt ee Mol op enger grousser Kontroll zum Asaz komm.

**Ad Fro 2 - Wa jo – wéi sollen d'Policebeamten téschent CBD-Produiten a Marihuana ënnerscheede kënnen?**

Fir den THC-Gehalt kënnen an engem Produit ze determinéiere gëtt de Produit an de Laboratoire national de Santé geschéckt fir analyséiert ze ginn. Et sief bemierkt datt di uewegenannte Schnell-Tester net duer ginn am Kader vun enger Gerichtsprozedur an an deem Fall ëmmer mat enger kompletter Analyse mussen confirméiert ginn.

**Ad Fro 3 - Wéi sollen an Zukunft, wann de Cannabis-Konsum bis legaliséiert ginn ass, dës Kontrolle assuréiert ginn?**

D'Police wäert an Zukunft déi Test-Phase suivéieren déi am Moment vun der Douane duerchgefouert gëtt. Deemno wéi dës Test-Phase dann ausfällt wäert dann och iwwert ee Konzept nogeduecht gi fir de Gebrauch vun esou Schnell-Tester am Alldag ze definéieren.

Fir de Moment sinn dës Tester eréischt ee Mol op enger grousser Kontroll zum Asaz komm an dofir gëtt zur Zäit virun Allem d'Fiabilitéit vun den Tester iwwerpréift an hire praktesche Wäert analyséiert an evaluéiert.

Lëtzebuerg, den 2. August 2022

De Minister fir bannezeg Sécherheet

(s) Henri KOX